LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

19 -07- 2021

Dossier suivi par :
Nathalie Medernach
247- 74652
qp@msi.etat.lu

**Objet : Question parlementaire n° 4541 du de Monsieur / Madame le Député concernant des agressions contre la Police**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'Fro n°4541 vum 24.06.2021 vun den éierbaren Deputéierten Léon Gloden a Laurent Mosar**

**Ad 1.) et 2.)**

De folgenden Tableau enthält d'Zuel vun de Virfäll insgesamt, d'Zuel vun de blesséierte Beamten, esou wéi an d'Unzuel vun den Deeg, während deenen déi concernéiert Beamte krankgeschriwwe waren, iwwer déi lescht 2 Joer :

| | Nombre de Rébellions | Nombre de Policiers blessés lors d'interventions avec incapacité de travail | Total de jours |
|---|---|---|---|
| **2019** | **76** | **43** | **204** |
| **2020** | **49** | **20** | **123** |

**Ad 3.):**

Aktuell ginn d'Polizisten, wann se Affer vun enger Rebellioun goufen, an all hiren Demarchen ënnerstëtzt säitens der Police-Direktioun: souwuel um aarbechtsrechtleche Plang säitens der Direction des Ressources Humaines, wéi um psychologesche Plang säitens dem Service Psychologique, wann se dat wëllen, wéi awer och um prozedurale Plang säitens dem Service Juridique, wann se wëlle geriichtlech géint d'Täter vu Rebellioune virgoen.

Fir dat et awer am beschte Fall iwwerhaapt net zu Gewalttätegkeete soll kommen, ass e weesentlechen Aspekt an der Formation de base den Deseskalatiouns-Training respektiv Rollespiller, individuell wéi an der Equipe, déi dem Polizist sollen hëllefen, fir dass hien esou Situatioune korrekt aschätzen a se falls méiglech entschäerfe kann, an och, wéi en sech taktesch optimal verhale sollt respektiv op seng Eegesécherung oppassen.

D'IGP ass den 2. Dezember 2020 mat enger Analyse "sur l'usage de la force" beoptraagt ginn, déi dem Ministère fir bannenzeg Sécherheet fir de September soll virleien. Den Objektiv vun dëser Analyse ass et ze kucken, ob jonk Polizisten no hirer Ausbildung adequat op Situatioune preparéiert gi sinn, déi eventuell den Asaz vu Gewalt (recours à la force) benéidegen.

Zousätzlech Équipen, eventuell an der Reserve bei gréissere Versammlungen/Evenementer, déi an de nächste Joeren dank dem gréissere Renfort bäikommen, wäerten och hëllefen, dass sech Situatiounen net héich schaukelen wa bis genuch Équipen op der Platz sinn.

An der Chamberskommissioun vum 25. Mäerz vun dësem Joer si folgend Méiglechkeeten opgezielt ginn, ouni dass eng Positioun heizou geholl gouf:

- Eventuellen Asaz vu Bodycams;
- Méi streng/héich Strofen um penale Plang am Fall vun 'outrages ou violences envers les agents de la force publique';
- Eng Analyse vun der aktueller strofrechtlecher Qualifikatioun vun der Rebellioun an dem "état mental altéré" duerch Drogen oder Alkohol an de respektive Sanktiounen.

**Ad 4.):**

Et sinn Analysen amgaangen fir den eventuellen Asaz vu Bodycams kënne besser ze evaluéieren an eng méiglech Notzung am lëtzebuergesche legale Kader ëmzesetzen.